Info - Blat

No18
Juni 2014

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale

Dat 1. Semester aus dësem Joer hu mir scho bal gepackt, an domat ass et un der Zäit fir iech iwwert eis Aktivitéiten ze informéieren.

23. Januar 2014 - Generalversammlung

am Restaurant Scolaire

26 Memberen haten dësen Owend fir d'Amicale reservéiert. Dës Weidere konnte mir den Här Théo Thill, Direkter vun der Schoul, d'Madame Martine Nies-Berchem Directrice-adjoint, den Éierendirekter René Tissier, d'Madame Joëlle Thill Presidentin vun der Elterevereenegung begréissen. Scouten, les Loups Blancs, hate sech entschëllegt.

Den offiziellen Ordre du jour ass ouni Problem ofgelaf. Duerno, esou wéi an deene leschte Joeren, hate mir beim Buffet froid an "engem" gudde Patt e puer flott Stonnen. De genëssege Buffet gouf vum "Schoulkach" a senger Équipe preparéiert.

De Comité setzt sech aus dëse Memberen zesummen : Jean-Pierre Unsen Éierepresident a Member, Alphonse Bressanutti President / Secrétaire, Jean Biever Vizepresident, Nicolas Laux Trésorier, Roger Thill Adressefichier / Hompage / Trésorier adj., Tessy Costantini-Conter, Siggy Kirsch, Ralph Kugener, Luc Ley, Dan Scheid, Laurence Seyler-Moris, Marco Streff

22. Mäerz 2014 - Kleng Porte Ouverte

Och dëst Joer hate mir eisen « Schampesstand » am Restaurant Scolaire. Servéiert gouf de Crémant « Cuvée Spéciale 100 Joer LTPEM ». Et ass ëmmer erëm flott wa fréier Schüler a Kollege sech no laange Joeren erëmbegéinen. A da geet et lass: Wat méchs du? Wou schaffs du? Weess de nach.. ? Hal op mat dengen Dommheeten esou guer : Wéini gees du an d'Pensioun ? a.s.w.

2. Abrëll 2014
Virbereedung fir den Antrëtt an d'aktivt Beruffsliewen

12e-Schüler goufe vum Här Jean-Pierre Dahm mat wichtege Rotschléi, wéi si sech an engem Virstellungsgespréich presentéiere sollen, ënnerriicht. Kapitele wéi: Liewenslaf, Kleedung, Rendez-vous, Aarbechtskontrakt goufe genee behandelt. Och soll de Schüler sech am viraus iwwert déi eventuell nei Aarbechtsplaz informéieren. Am Nomëtteg wore fiktiv Virstellungsgespréicher.

Eise Roger Thill wor de ganzen Dag dobäi fir, wa néideg, dem Här Dahm eng Hand mat unzepaken.

4. Abrëll 2014
Journée Commémorative a l'Intention de Mme Vve Emile Metz-Tesch

Am Kader vun der 100 Joer Feier krut "Metzendag" dëst Joer eng besonnesch Bedeitung. Mir hunn eng Gerbe bei de Gedenktafelen am Ateliers-Gebai niddergeluecht.

Zu dëser Zeremonie ware folgend Invitéen dobäi:
Madame Widung-Metz, Duechter vum Här Paul Metz. D'Madame Widung ass eng Nofolgerin vun der Famill Metz. Hire Papp, den Här Paul Metz, wor während Joere President vun der Fondation Vve Emile Metz Tesch, Roger Thoss President vun der Fondation LTPEM, René Tissier Éierendirekter vum LTPEM, Theo Thill Direkter vum LTPEM, Martine Nies-Berchem Directrice-adjoint vum LTPEM, Pierre Legille President 100 Joer LTPEM, Brigitte Ley Sekretärin 100 Joer LTPEM, Joëlle Thill Presidentin Elterevereenegung, Pascal Thill President Personaldelegatioun, Fernand Champagne President Loups Blancs, Claude Haeck President Comité Culurel a vun eis Unsen Jean-Pierre, Laux Nicolas an Alphonse Bressanutti.

17. Abrëll 2014 - Visite vum Europaparlament zu Stroossbuerg

Zu 28 si mir op Stroossbuerg gefuer. Zu Stroossbuerg ukomm goufe mir vun der Madame Maryse Kelsen, eisem fréiere Schüler an Europadeputéierte Georges Bach seng Assistentin, empfaangen. Erklärungen iwwert d'Funktionéiere vum Parlament, Entretien mam Georges Bach mat uschléissender Visite vum Plenarsall wou mir enger Ofstëmmung bäigewunnt hunn. Am Restaurant krute mir eng Choucroute servéiert. Géint 15.00 Auer war den offiziellen Deel eriwwer a mir hunn nach 3 Stonnen zu Stroossbuerg verbruecht. Am Resumé e vollen Erfolleg.

D’Schouljoer an d’Exame sinn op der leschter Ligne droite

Mir wënschen alle Schüler eng schéi Réussite an duerno hinnen an hiren Elteren eng wuel verdéngte Vakanz.

Dir léif Membere sidd net vergiess. Och dir sollt iech an deenen nächste Méint gutt erhuelen a wann dir op Wanderschaft sidd, vill Neies bäiléieren.

Léif Memberen!
Informéiert eis w.e.g. iwwert äre Changement d’Adress. Bei all Courrier kréie mir Bréiwer zeréck mat der Remarque, dat déi Persoun net fond gouf. Schued.
Merci.

Hutt dir eng E-Mail-Adresse ? Sot eis se w.e.g.
An Zukunft kritt Dir dann de Courrier op är E-Mail. Domat spuere mer Pabeier, Timberen an Zäit. Dësweideren ass dës Méiglechkeet méi ëmweltfrëndlech.
Eis Adresse: amicale@amicale-ltpem.lu
Merci